N° 7548
Entrée le 03.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.02.2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Zënter Mëtt Januar ass d'Streck tëscht Clierf a Boxer (CR 334) fir den Traffic gespaart. Dofir mussen eng Rëtsch Schoulbussen, déi de Clierfer Lycée ufueren, en Ëmwee maachen, mam Resultat dass vill Schüler all Dag ze spéit an d'Schoul kommen.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Wéi laang dauert de Schantjen, deen zu dëser Verspéidung féiert, viraussiichtlech nach?*
- *Wat ass virgesinn, fir d'Situatioun ze verbesseren an dofir ze suergen, dass d'Schüler mat Zäiten am Lycée sinn?*
- *Gouf et mëttlerweil eng Konzertatioun tëscht der Administration des Ponts et Chaussées, der Gemeng an dem Mobilitéitsministère zu deem Thema?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten